DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 21. August 2020

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden:

*„De Centre national de recherche archéologique (CNRA) bekëmmert sech em den Inventaire, d'Etüd, d'Protektioun an d'Erschléissung vum archeologesche Patrimoine zu Lëtzebuerg. Och wann an der Reegel eng gutt Aarbecht geleescht gëtt, sou kritt een awer munchmol vu betraffene Leit an Institutioune matgedeelt, datt Sitte queesch duerch d'Land awer net ëmmer esou ënnersicht kënne ginn, wéi dat misst de Fall sinn.*

*Mir wëllen der Madamm Kulturminister dofir folgend Froe stellen:*

- *Wéi vill nei Sitte ginn zanter dësem Joer vum CNRA zu Lëtzebuerg ënnersicht?*
- *Wat ass dat presuméiert, archeologescht Potential hei am Land?*
- *Wéi gesäit d'Zesummenaarbecht vum CNRA mat Privatleit a mat Privatorganisatiounen (ë.a. Geschichtsveräiner) aus?*
- *Huet de CNRA genuch Personal a Mëttel fir sengen Aufgaben nozekommen?*
- *Gëtt et Informatiounen doriwwer, wéi vill archeologesch Substanz zu Lëtzebuerg zerstéiert gëtt?*

- *Wéi reagéieren d'Bauhären an der Reegel dorobber, wann archeologesch interessant Material op hirem Terrain fonnt gëtt, an de CNRA intervenéiert?*
- *Kann d'Madamm Minister eis nach matdeelen, wou den Dossier vun engem neien Dépôt central drun ass?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Gusty GRAAS
Deputéierten